adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 MARS 2015
870

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen weiderzeleeden.

Den Transport vu Mënsche mat engem Handicap gëtt groussendeels vum Ministär fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen organiséiert. Et ass mir zu Ouere komm, dass zënter 2010 verschidden Audit-Firmaen am Ministär beoptragt sinn, fir déi Fro ze studéieren, mat dem Ziel, Käschten ze spueren. Dofir wollt ech dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen dës Froe stellen:

1. Ass et wouer, datt zënter deem vu mir genannten Datum an Ärem Ministär verschidden Auditen iwwer den Transport vu behënnerte Mënsche gemaach ginn? Oder leeft do eng Etude, déi sëch iwwer aussergewéinlech laang Zäit streckt?
2. Ass et richteg, datt verschidden Audit- a Conseilshaiser domat befaasst gi sinn? Oder schaffen e puer Bureauen an dësem Fall zesummen?
3. Waren dës Aarbechten alleguer ëffentlech ausgeschriwwen?
4. Gëtt et e Grond, firwat d'Fro vun deenen Transporter net zefriddestellend an enger eenzeger Etude beliicht ginn ass?
5. Kënnt Dir eis soen, wéivill Suen an déi eenzel Etuden gestach gi sinn a wivill et der sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Äntwert vum Här Minister François BAUSCH, Minister vun der Nohalteger Entwécklung an den Infrastrukturen op d'Fro n° 970 vum 9. März 2015 vum Här Députéierten Fernand Kartheiser

Den honorabelen Députéierten huet e puer Froen gestalt iwwer verschidden Étuden déi am Kader vum Transport vu Mënschen mat Behënnerung gemaach gi sinn.

Wéi d'Kontrakter vum sougenannten „Edifftransport", d.h. haaptsächlech den Transport vun Kanner an Erwuessener mat Behënnerung déi a Spezialschoulen oder Zentren mussen transportéiert ginn, 2010 ausgelaf sinn, huet de Ministère décidéiert fir t'éischt eng finanziell Analyse vun den reellen Käschten vun deem Spezialtransport an Optrag ze ginn. Dës Étude huet Ufank 2011 ugefaang a bis Enn vun deem Joer gedauert. Den Optrag huet e Consultant vun den Big 4 kritt, natierlech a Conformitéit mat der Législatioun vun de Marchés publics. Dësen Audit huet draus bestan déi reell Käschten vun deem Spezialtransport bei 3 Busentreprisen ze analyséieren.

Wéi dës Analyse fërdeg war, huet dee selwechten Consultant eng Analyse préparéiert iwwert e neien Schéma de rémunération an et sinn nei Kontrakter opgestalt gin. Dës Analyse war am Mee 2012 prett. Am Hierscht 2012 hun dunn d'Verhandlungen mat der Federatioun vun den Busbetriiber ugefaang.

Am Fréijoer 2013 gouf décidéiert eng ëffentlech Ausschreiwung fir déi Kontrakter vum Transport fir Leit mat Behënnerung ze maachen. Fir dës europäesch Ausschreiwung an de Cahier des charges ze préparéieren huet den Ministère op eng Consultance technique vun engem Bureau vun den Big 4 zréckgegraff. Et ass een aneren sélectionnéiert ginn wéi deen deen déi finanziell Analyse gemaach huet. Och eng juristesch Hëllef gouf an Usproch geholl, dat Ganzt natierlech am Aklang mat der Ausschreiwungsgesetzgebung.

Dës 3 Etuden (financière, juridique an technique), wou jidfereen säi ganz spezifeschen Themenberäich ofgedeckt an eng gutt Prestatioun geliwwert huet, hun am Ganzen ronn eng Millioun Euros kascht.